

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Nodeems si schonns am Dezember 2021 een "Avis aux employeurs et non-salariés du secteur Horeca concernant les retards de paiement des cotisations sociales" geschéckt hat, huet d'CCSS de 6. Januar 2022 eng "Sommaton de paiement" un d'Betriber aus dem Horeca-Secteur geschéckt, onofhängeg dovun, datt de Januar fir d'Betriber aus dëser Branche een denkbar ongënschtege Mount ass, wat d'Bezuele vun dëse Cotisatiounen ugeet. Dofir leiden d'Restaurateure lo ënnert enger duebeler Laascht: Si mussen hir Sozialbäiträg bezuelen a versichen, trotz de strenge Corona-Oplage vun der Regierung iwwee d'Ronnen ze kommen.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister confirméieren, datt dës "Sommaton de paiement" un all d'Betriber aus dem Horeca-Secteur geschéckt gouf? Wéi vill Leit hunn dës Bréif insgesamt krut? Hunn och Betriber aus anere Secteuren dës Bréif krut?
- 2) Firwat ass dës "Sommaton de paiement" grad am Januar un d'Betriber geschéckt ginn? Wier et net méiglech gewiescht, nach een, zwee Méint domat ze waarden?
- 3) D'Situatioun vun de Restaurateuren ass och doduerch net einfach, well si am Onklore gelooss ginn, wéi et nom 28. Februar weidergeet am Gastronomie-Secteur, am Géigesaz zu Frankräich, wou de Premier Jean Castex virun e puer Deeg ugekënnegt huet, datt am Februar d'Restriktiounen am Gastronomie-Secteur opgehewe ginn. Kann den Här Minister eis Informatiounen ginn, wéi et nom Auslafe vum aktuelle COVID-Gesetz weidergoe wäert am Horeca-Secteur, wëssend, datt d'Iwwerliewe vu ville Betriber ganz staark vun enger fristgerechter Organisatioun a Planung ofkhänkt? Wann nee: Aus wéi enge Grënn ass et net méiglech, de Betriber elo scho Gewëssheet ze ginn, wouop si sech nom 28. Februar anzestellen hunn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, consisting of several overlapping, fluid strokes that form a stylized representation of the name 'Jeff Engelen'.

Jeff Engelen, Deputéierten